QP N°2081

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

REÇU
Par Christine Wirtgen , 11:54, 24/04/2020

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23. Abrëll 2020

Betrëfft: QP Grenz mat Däitschland

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister, den Här Héichschoulminister , den Här Finanzminister an un den Här Minister fir bannenzeg Sécherhet weiderzeleeden.

Virun e puer Deeg ass e Video op de sozialen Netzwierker zirkuléiert, deen eng Interventioun vun däitsche Sécherheetsorganer op enger Grenzbréck weist. Aus dem Video selwer gëtt een näischt iwwer d'Ëmstänn vun där Interventioun gewuer, an awer stelle sech eng Rei Froen, wat déi ablécklech Situatioun op dem däitsch-lëtzebuergesche Grenzverlaf ugeet.


Dowéinst wollt ech der Regierung dës Froe stellen:

1. Wéi eng Rechtsstellung hunn d'Grenzflëss mat Däitschland? Sinn déi all als e Condominium ze betruechten? Wéi eng rechtlech Basis gëtt et dofir? Wéi eng Sécherheetsorganer si fir déi Grenzflëss zoustänneg?
2. Wéi ass d'Rechtsstellung vun de Brécken a vun de Grenziwwergäng op der lëtzebuergesch-däitscher Grenz? Sinn och si e Condominium oder verleeft d'Grenz op deene Plazen dem mëttlere Flossverlaf no oder der baulecher Mëtt vun de Brécken? Wéi eng Sécherheetsorganer vu wéi engem Land däerfen hei intervenéieren? Wiem gehéieren d'Grenzbrécken a wien ass fir hiren Ënnerhalt zoustänneg? Ass et zoulässeg, fir d'Grenz ze markéieren, an der baulecher Mëtt vun der Bréck Ofspärungen opzeriichten?
3. Am Schengen-Accord gëtt et besonnesch Reegelen, z.B. am Kontext vun der Verfolgung („hot pursuit"). Wéi applizéieren sech d'Reegele vu Schengen op d'Interventiounsreegele vun däitschen a lëtzebuergesche Sécherheetsorganer op de Grenzen, respektiv Grenzbrécken tëschent Däitschland a Lëtzebuerg? Ënnert wéi enge

Konditiounen däerfe Polizisten oder Douaniere vun deem enge Land op den Territoire vun deem aneren a wéi eng Kompetenze kënne si do ausüben?

4. A wéi engem Mooss an op wéi eng Manéier hunn déi däitsch Moossnamen am Kader vun der Corona-Kris déi existent Reegelen, besonnesch am Kader vun de Schengen-Accorden, beréiert? Wéi eng Prozedure goufen hei agehalen, wéi eng Artikelen invoquéiert a wéi eng aner Rechtsgrondlage goufe benotzt?
5. Wéi huet d'Regierung op déi Tatsaach reagéiert, datt de Regime op de Grenze mat Däitschland bal ouni Virwarnung unilateral geännert gouf? Wat gesinn déi pertinent international Ofkommes an deem Kontext vir?
6. An deene leschten Deeg gouf rapportéiert, datt lëtzebuergesch Douaniere mat Mitraillette vereenzelt op de Grenze mat Däitschland postéiert gi wären. Kann d'Regierung dat confirméieren a präziséieren, wéi eng Consignen d'Douane am Hibléck op d'Grenz mat de Nopeschstaaten am Abléck huet? Huet d'Lëtzebuerger Douane Persounen bei der Arees oder bei der Ausrees kontrolléiert? Wa jo, wéi eng Persounen an a wéi engem rechtlechen an operationnellem Kader?
7. Wéi eng Konsequenzen huet déi aktuell Praxis op d'Studenten an aner Leit, déi aus professionellen Ursaache mussen an Däitschland fueren? Huet d'Regierung fir si kënne besonnesch Dispositiounen am Grenzverkéier erreechen?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

.

Luxembourg, le 24 avril 2020

Objet : Question parlementaire n° 2081 du 23.04.2020 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser - Frontières avec l'Allemagne

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés